N° 7899
Entrée le 19.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.04.2023

adr

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Abrëll 2023

Sou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Et ass eis zougedroe ginn, datt d'Remuneratioun, déi nach bis den 31.12.2022 fir d'Ligne de Garde d'Urgence vu villen Dokteren ausbezuelt goufen, säit dem 01.01.2023 nach net ausgeglach goufen.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Gesondheetsminister dës Froe stellen:

1. Wat ass de Grond fir d'Aussetze vun de Remuneratiounen?
2. Wéi vill Doktere si vun dësem Ausfall vun der Remuneratioun betraff? Wéi enge Beräicher gehéieren déi betraffen Dokteren un?
3. Mat wéi engem Delai kënnen déi betraffen Doktere rechnen, bis hir Remuneratioun ausgeglach gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten